

MENG GEMENG

LE MAGAZINE DE LA COMMUNE DE PÉTANGE



OKTOBER - NOVEMBER 2024



Militärween hunn de Cortège bis an de Gemengepark ugefouert



 Edito	3
<i>Eng Traditioun, déi weiderliewe muss</i>	
 Rodange - un « hub » moderne de la mobilité	4
<i>Cela fait 5 ans déjà que les travaux du chantier de la gare de Rodange ont commencé. Ce fut un projet gigantesque que la compagnie des Chemins de fer Luxembourgeois a su réaliser avec des structures modernes, fonctionnelles et visant à rendre plus attractif le transport public...</i>	
 Let's Rock!	6
<i>Zënter 2009 heescht et traditionell eng Kéier am Joer „Rock the South“ zu Péiteng an der Gemeng. Zesumme mat, an op Initiativ vun der Jugendkommissioun, organiséiert de Kultur- a Kommunikatiounsservice e Concours fir jonk Museker, déi sech op enger Bühn wëlle produzéieren ...</i>	
 AGENDA	8
 Wat war lass?	13
 80 Joer Libératioun	14
 Mir gratuléieren	22
 D'Gemeng informéiert	24
<i>Wéi gutt kennt Dir Är Gemeng?</i>	
<i>A propos collecte du papier</i>	
<i>Une lecture pour la rentrée !</i>	
<i>Nei Mataarbechter</i>	
<i>Duuscht? Kee Problem!</i>	
<i>Damit das Fahrrad sauber wird</i>	
<i>Radio Péiteng on Air</i>	
<i>RPL-TV</i>	
Leichte Sprache - Der P-Bus in der Gemeinde Pétingen	26
 Cérémonie bei der Borne du Passeur	28

IMPRESSUM

Éditeur :

Administration communale de Pétange
 B.P. 23 • L-4701 Pétange
 Tél. : 50 12 51-1000
 Fax : 50 12 51-2000
 www.petange.lu
 commune@petange.lu

Comité de rédaction :

Service Culture et Communications

Photos :

Service Culture et Communications,
 Laurent Blum, Seniorie St Joseph,
 Andy Lux, Filipe Capinha, AMHI

Mise en page & impression :

Imprimerie Heintz, Pétange

PRINTED IN
 LUXEMBOURG

„Meng Gemeng“,
 imprimé sur du papier 100% recyclé,
 paraît 6 fois par an.

La revue est distribuée gratuitement
 à tous les ménages
 de la commune de Pétange.

Édition :

Octobre - Novembre 2024

ISSN 1993-0070

Eng Traditioun, déi weiderliewe muss

De 4. Dezember ass jo bekanntlech d’Fest vun der Hellecher Barbara oder, wéi mir hei am Eck soen, Barbelendag. Dëst ass e wichtege Dag am Liewe vun der Gemeng, well et eis nees zeréckbréngt – wann och just a Gedanken – an d’Vergaangenheet. An eng Zäit, wou d’Kamäiner vun der Schmelz nach gedämpft hunn, wou d’Buggien iwwer d’Stroosse gefuer sinn an eng sëllechen Aarbechter dagdeeglech an d’Grouwe gefuer si fir hire Liewensënnerhalt ze verdingen. Et ware schwéier Zäiten. Zäiten, an deenen dacks genuch deen een oder aneren net méi aus der Déift heem koum. Dat sinn Erënnerungen, déi mir haut an eiser Wuelstandsgesellschaft vill ze dacks verdrängen, well et méi bequem ass fir just vum Resultat vun der Industrialiséierung ze profitéieren.

An dach, si all dierfen net vergiess ginn, well ouni de Schweess vun de Mineure ganz Lëtzebuerg net dee Wuelstand hätt, deen et hautdesdaags genéisst. Genee dofir solle mir eis Traditioun vum Barbelendag weiderliewe loossen. Et gehéiert ganz einfach zu Rodange an zu Rolleng fir op deem Dag Blummen néierzeleeën an hinnen all e puer Momenter ze schenken a vläicht och Merci ze soen. Jorzingtelaang huet dës Traditioun d’Mënschen aus der Gemeng zesummegehesst an och eis all iergendwéi matgeprägt.

Jo, Traditione kënnen am Laf vun der Zäit änneren, an et schwätzt och näischt dergéint, datt och de Barbelendag eng Kéier anescht gefeiert gëtt ewéi haut. An trotzdeem solle mir en net opginn, well en zum Liewen am Minett gehéiert. Well en eis all op eng ganz besonnesch Manéier weist, datt d’Vergaangenheet en Deel vu jidderengem an eiser Region ass.

Loosse mir de Barbelendag fir déi jonk Leit héichhalen, hinnen erklären, firwat mir feieren, wee mir feieren an u wee mir speziell denken. Nëmme wann si de Sënn verstinn, wäerten si och besser drop uechten. Et dierf keng Musse-Saach sinn, déi blann verfollegt gëtt. Awer et soll e klengen Ustouss sinn, eis Gesellschaft duerch méi Zesummenhalt ënner de Bierger ze stäerken. A wee weess, vläicht huet den Noper aus der Friemt en ähnleche Brauch? Loosse mir eis ëmhéieren, eppes bäiléieren a vun eis erzielen. Traditione kënnen eng ganz lieweg Erfahrung sinn. An zesummen huet et sech nach ëmmer besser gefeiert.

De Schäfferot

Le collège des bourgmestre et échevins,

en collaboration avec

l’«Amicale des pompiers du
Centre d’Incendie
et de Secours Pétange»

et le

«Arbechter Ennerstetzungsverein
Rodange»

vous invite cordialement à assister à la

fête de La sainte BARBE

le samedi 30 novembre 2024

Programme

- 16.30 heures Rassemblement au parc Hary Godefroid à Rodange
Cérémonie devant la sculpture-chapelle
dédiée à la Sainte Barbe
- 16.50 heures Départ d’un cortège avec retraite aux flambeaux
vers le centre de Rodange
- 17.00 heures Célébration d’une messe à l’Eglise de Rodange
- 18.00 heures Vin d’honneur offert
par l’Administration communale
au Centre culturel de Rodange

Les cérémonies, le cortège et la réception communale
seront encadrés musicalement
par les deux sociétés de musique de la commune de Pétange

A partir de 19.00 heures une navette d’autobus ramènera
les intéressés vers le parc Hary Godefroid.

Rodange - un « hub » moderne de la mobilité



△ 1920^{er}, collection : René Birgen ▽



Cela fait 5 ans déjà que les travaux du chantier de la gare de Rodange ont commencé. Ce fut un projet gigantesque que la compagnie des Chemins de fer Luxembourgeois a su réaliser avec des structures modernes, fonctionnelles et visant à rendre plus attractif le transport public – aussi bien pour la population indigène que pour les milliers de frontaliers qui passent chaque jour par cette localité.

Cinq ans de travaux, cinq ans de patience pour les résidents ainsi que pour les automobilistes pour un coût budgétaire de 107 millions d'euros hors TVA. Mais le résultat se laisse voir !

La fiche technique en résumé

D'après les CFL, la gare de Rodange est fréquentée par plus de 6000 clients par jour. La gare est desservie par les lignes Luxembourg – Rodange via Esch-sur-Alzette et Luxembourg – Dippach - Rodange - Athus/Longwy.

Une voie à quai supplémentaire fut construite exclusivement pour la ligne Luxembourg – Esch-sur-Alzette - Rodange. De plus, le renouvellement de 7 voies et de 18 aiguillages permettent l'exploitation séparée des deux lignes arrivant ou passant par Rodange, ce qui devrait améliorer la ponctualité.

En résumé, les travaux réalisés englobent :

- L'allongement des quais – entre 250 et 500m - pour desservir des trains plus longs. Les quais sont couverts par des marquises pour protéger les voyageurs des intempéries.
- L'aménagement de la gare routière avec 3 arrêts de bus.
- La construction d'un souterrain – ouest et est - qui relie la gare et les quartiers.
- La construction d'une passerelle, d'ascenseurs et d'escaliers pour permettre l'accès direct aux différents quais ainsi qu'au P&R.
- La sécurisation par un bon éclairage, une signalisation podotactile, des caméras et des bornes SOS.

Soulignons également que le P&R CFL, accessible par l'avenue de l'Europe pour les automobilistes, offre 1590 emplacements dont 20 places de stationnement pour personnes à mobilité réduite et 44 pour voitures électriques. Ce parking est accessible 24/7 et compatible avec l'application P&R CFL. De plus, dix places sont disponibles pour le car-sharing (Flex), 32 emplacements sécurisés pour vélos, un service taxis et une zone « Kiss&Go » sur le parvis. Le label « Eurewelcome Luxembourg » est donc bien mérité. Bon voyage à tous !



Inauguration de la gare de Rodange

Enfin ! Après 5 ans de chantiers, la gare de Rodange fut officiellement inaugurée le 17 septembre passé en présence de la ministre de la Mobilité et des Travaux publics, Yuriko Backes, du bourgmestre de la commune de Pétange, des représentants de direction des CFL ainsi que des équipes en charge de la réalisation des travaux.



Vue du P+R et de la passerelle donnant un accès direct et sans barrière aux quais (via ascenseurs et escaliers)





| Let's Rock!

Zënter 2009 heescht et traditionell eng Kéier am Joer „Rock the South“ zu Péiteng an der Gemeng. Zesumme mat, an op Initiativ vun der Jugendkommissioun, organiséiert de Kultur- a Kommunikatiounsservice e Concours fir jonk Museker, déi sech op enger Bühn wëlle produzéieren. Awer ier den Owend do ass ... heescht et hanner de Kulisse schaffe fir datt alles bis an de leschten Detail klappt.

Virbereedung

E puer Méint virun der Manifestatioun, déi am Centre de loisirs zu Lamadelaine stattfënnt, heescht et fir d'éischt emol dofir ze suergen, datt d'Lokal och fräi ass. Eréischt dann ass et och méiglech, en Opruff ze maachen u Bands aus Lëtzebuerg, awer och aus dem Grenzgebitt, fir sech ze melden.

Donieft mussen och Gespräicher mat de Sponsore gefouert gi fir festzeleeën, wat fir Präisser déi déi Rockstars „in spe“ kënnen gewinnen.

Vu Sponsoren a Präisser

Wee sinn dann d'Sponsore vun dësem Joer?

- „Unison Studios“ vun Déifferdeng
- „On Stéitsch“ vum SNJ
- „Attitude Music“ vun Déifferdeng

Ze gewanne ginn et ganz flott Präisser bei dësem Concours. Esou gëtt et fir de Gewënner e Studio-Package vun „Unison“. Hei kënnen d'Musiker an de Studio op Déifferdeng goe fir eng Opnam – grad esou ewéi bei de Musekstaren.

Et gëtt och e Coaching-Package vun „Unison“. Dëst ass u sech eng Berodung an hängt och vun der Band of. De Coaching heescht, datt d'Muséker wäertvoll Informatiounen kréie wat hir Bühnepresenz ugeet, wéi si sech verbessere kënnen bei hiren Optrëtter an och wéi een z.B. e Soundcheck korrekt ausféiert.

Den SNJ offréiert en Optrëtt vum goussem „On Stéitsch“-Festival, wat eng eemoleg Geleeënheet ass fir viru Publikum ze spillen.

An zu gudder Lescht stëft „Attitude Music“ en Optrëtt op engem Concert respektiv Festival fir eng Band.

D'Jury entscheet

Fir um Enn vum Owend ze wëssen, wee gewonnen huet, setzt sech eng Jury zesumme fir doriwwer ofzestëmme. Doranner ass e Member vun der Jugendkommissioun, vun „Unison Studios“, vum SNJ, de Sänger vu „Scarlett Anger“ esouwéi den Hugo Nogueira, Sänger vu „Lost in Pain“ (éischt Gewënner) vum Rock the South!

Wee ka matmaachen?

Fir kënnen um Rock the South opzetriede muss een dës Critèren erfëllen:

- Amateur sinn
- Groussjäreg sinn an och zu Lëtzebuerg wunnen
- Op d'mannst 15 Joer al sinn
- Néi méi wéi 30 Joer hunn

Et sief dann och nach gesot, datt jiddfer Grupp 20-30 Minutten op der Bühn steet an d'Prouwen am AUDEO – den Tounstudio vun der Gemeng Péiteng – sinn 2 Woche virum Concours.



Billerzeit: Et war emol ... am Joer 2009

**07
DEZ
SAT
17:30**

FREE ENTRY

@CENTRE DES LOISIRS
RUE GROUSSWISS
L-4875 LAMADELAINE

**BAND
CONTEST
ROCK THE
SOUTH**

HEADLINER: **MALLOWS**
WINNER 2023: **INVIGORA**

MELL DENG BAND
NACH SÉIER UN
PER MAIL OP
INSCRIPTIONS@PETANGE.LU



ATTITUDE



UNISON
STUDIOS



pétange
MOTIVATION COMMUNE

an Du

WWW.PETANGE.LU

AGENDA

Octobre - Novembre

PABEIRSAMMLUNG AN DER GEMENG PÉITENG

TOUR 1: DEN 12.10. AN 09.11.

TOUR 2: DEN 11.10. AN 15.11.

TOUR 3: DEN 18.10. A 22.11.



**Nëmme Päck ënner 10kg
gi matgehall!**

**D'Pabeierpäck oder
d'Kartongskëschen dierfen
och net a Plastikstuten
agewéckelt sinn!**

Org.: Gemeng Péiteng

21.10., 11.11. AN 02.12. BICHERBUS

Péiteng, J.F. Kennedy-Plaz
vun 10.45 bis 11.45 Auer
Rodange bei der Sportshal
rue Jos. Moscardo
vun 13.15 bis 14.15 Auer
Gratis Bicher, Audio-Bicher an
DVDe léinen.

Info iwwer Tel.: 80 30 81
(Romain Kayser) oder per
E-Mail: bicherbus@bnl.etat.lu

Um Internet ënner:
<https://cutt.ly/ewKPTuE>

Org.: Kulturministère



18.10. ASSEMBLÉES GÉNÉRALES

Pétange – Home St Hubert

Début : 17h00

Org. : Cercle nautique Pétange
(Section nage classique)

Début : 19h00

Org. : Cercle nautique Pétange

13.10.

JOURNÉE DE LA COMMÉMORATION NATIONALE, LAMADELAINE

10h15 Départ d'un cortège à partir du Centre des Loisirs
pour le Monument aux Morts

10h30 Cérémonie commémorative auprès du Monument aux Morts,
Harmonies municipales de Pétange et de Rodange/Lamadelaïne
& Ecole de musique (classe de chant de Mme Claudine Peters)
Continuation du cortège pour l'église

11h00 Messe à l'Eglise de Lamadelaïne

19.10.

RANDONNÉE VTT AUTOUR DU TITELBERG

Rodange – Stade Doihl
(rue de la Minière)

Début : 9h00

Org. : Union cycliste Rodange

19.10. an 20.10.

FLOUMAART

Lamadelaïne – Fräizäitzenter
(rue Grousswiss)

Samschdes vu 14 bis 18 Auer

Sonndes vun 10 bis 18 Auer

Org. : Hobby 81 Lamadelaïne

21.10.

GRAND MARCHÉ

Pétange – place J.F. Kennedy

De 8h00 à 18h00

Org. : Association
des professionnels des foires
et marchés asbl

26.10.

80s, 90s, AN 2000s-PARTY

Lamadelaïne – Centre de loisirs

Début : 21h00

Entrée : 8€ am Virver kaf, 12€
an der Oweskeess

Org. : Amicale Nidderréideng
Rodange

27.10.

HALLOWEEN-PARTY

Péiteng – Home St Hubert

Vu 14 bis 19 Auer

Entrée: 5€ (Erwuessener),
3€ (Kanner)

Org.: La Courageuse Pétange



27.10.

HIERSCHT-KAFFISSTUFF

Rodange - Kulturzenter
(av. Dr. Gaasch)

Vu 14.30 bis 18 Auer

Fräien Entrée

Org.: Fraen a Mammen – Jeunes
Mamans Rodange

03.11.

**PLOGGING –
PICK UP AND RUN**

Rodange - Sportshal

Ufank: 10 Auer

Org.: Gemeng Péiteng,
Ëmweltkommissioun,
CA Red Boys - UA Pétange

03.11.

SOIRÉE DANSANTE

Lamadelaine – Centre de loisirs
(rue Grousswiss)

Début : 20h00

Org. : OGBL Section Kordall

04.11.

**RÉUNION D'INFORMATION
SUR LA SANTÉ ET
LA SÉCURITÉ SOCIALE**

Pétange – Home St Hubert
(salle des fêtes)

Début : 19h30

avec Martine Deprez, ministre de la
Santé et de la Sécurité Sociale
traduction simultanée en français
Org. : CSV Péiteng

22.11.

KÉISOWEND

Lamadelaine – Fräizäitzenter
(rue Grousswiss)

Ufank: 18.00 Auer

Info a Reservatioun iwwer
Tel. 50 13 26 (Alix Weimerskirch)

Org.: Gaart an Heem Lamadelaine

24.11.

CONCERT

Lamadelaine – Centre de loisirs
(rue Grousswiss)

Début à 17h00

Org. : Société Chorale Lamadelaine

14.11. bis 17.11.

**THEATERWEEKEND:
DE SAUNA GIGOLO**

Rodange – Kulturzenter

Donneschdes

de 14.11 um 14.30 Auer

Freides

de 15.11 um 20 Auer

Samschdes

de 16.11 um 20 Auer

Sonndes

de 17.11 um 15 Auer

Entrée:

15€ (Erwuessener),
10€ (Kanner ënner 12 Joer)

Reservatiounen iwwer

Tel. 621 40 20 23

(tëscht 17 an 20 Auer)

oder op www.cdr.lu

Org.: Cercle dramatique Rodange



**Theaterfrënn vum Home
invitéieren op
hir Theaterowender**

zu Péiteng am Home St Hubert
(rue de l'Eglise)

**DI DRÄI HÄRE
VUNN ZËMMER 13**

Eng lëschteg Komédie an 3 Akten,

29.11. bis 01.12.

Freides, den 29. November
um 20.00 Auer

Samschdes, den 30. November
um 20.00 Auer

Sonndes, den 1. Dezember
um 17.00 Auer

06.12. bis 08.12.

Freides, den 6. Dezember
um 20.00 Auer

Samschdes, den 7. Dezember
um 20.00 Auer

Sonndes, den 8. Dezember
um 17.00 Auer

Reservatiounen iwwert
www.theaterfrennpeiteng.lu

oder iwwer d'Telefonsnummer
621 380 228 (tëscht 16 an 20 Auer),

Whatsapp an SMS

Entrée: 15€

Org.: Theaterfrënn
vum Home



29.11.

RÉUNION MENSUELLE

Rodange – Centre culturel

Début : 17h00

Entrée libre

Org. : Cercle Philatélique Rodange

30.11.

FÊTE DE ST NICOLAS

Lamadelaine – Centre de loisirs
(rue Grousswiss)

De 14h30 à 17h00

Org. : Oeuvre St Nicolas
Lamadelaine

04.12.

MARCHÉ MENSUEL

Pétange – place J.F. Kennedy

De 8h00 à 12h00

Org. : Association
des professionnels des foires
et marchés asbl

07.12.

**FÊTE DE ST NICOLAS
DU DÉPARTEMENT
DES IMMIGRÉS**

Pétange – Maison de la culture
« A Rousen »

De 10h00 à 15h00

Org. : OGBL Section Kordall

CLUB KORDALL AKTIV

27-29 rue Michel Rodange,
L-4660 Déifferdeng

Umeldungen an Aschreiwungen
iwwer Tel. +352 26 58 06 60

Iwwerweisung vun de Rechnungen
op de Konto CCPLLULL
LU91 1111 1007 2640 0000

27.10.

DÉIERESCHUTZFEST

Uewerkuer – Hall O
(avenue du Parc des Sports)

Eng musikalesch Rees
duerch d'Welt mam Rol Girres

Tombola

Fir Iessen an Drénken ass gesuert

Entrée: 5€, Kanner ënner
12 Joer gratis

Parking beim Aquasud

14.11.

PRÉSENTATION

« PLOOSCHTER-PROJET »

Infos sur l'enregistrement
des donneurs potentiels
de cellules souches

Rendez-vous à 16h30
au Club Kordall Aktiv

Fräien Entrée

30.11.

RACLETTE-OWEND AM CLUB

Lëschtgen Owend
mat Gläichgesënnten

Rendez-vous um 18.30 Auer
am Club Kordall Aktiv

Präis: 20€ ouni Gedréns

MINETT-PARK FOND-DE-GRAS

Infos auf www.minettpark.lu

13.10.

BALADE PHOTO-GRAS NOCTURNE

Avec des points de vues de nuit

Rendez-vous à 18h00
« Bei der Giedel »

Durée : 3 heures

En luxembourgeois, allemand
et français

Tarif : 25€

Inscription sur
<https://rb.gy/m51hzn>



23.11. und 24.11.

NIKOLAUS ZÜGE

Fahrt mit dem Dampfzug nach
Fond-de-Gras und zurück

Preise:

Kinder bis 4 Jahre
ohne Tüte: kostenlos

Kinder bis 4 Jahre
mit Tüte: 13,00 €

Kinder von 5 und 11 Jahren
ohne Tüte: 13,00 €

Kinder von 5 bis 11 Jahre
mit Tüte: 20,00 €

Erwachsene ohne Tüte: 16,00 €.

Buchungen
auf

<https://rb.gy/i8r5dq>



WAX

2, rue d'Athus, L-4710 Pétange

18.10.

MÄMMORIES - KABARETT

am Sall Späicher (2. Stack)

Ufank: 20 Auer

Entrée: 15€

Reservatioun vun den Ticketen
iwwer e-mail (masutti@pt.lu)

Org.: Konscht-Millen asbl

09.11.

CABARET « TRIZPATTES »

Salle « Späicher » (2^e étage)

Début : 20h00

Entrée : 20€

Reservatioun vun den Ticketen
iwwer e-mail (masutti@pt.lu)

Org. : Konscht-Millen asbl

Ausstellungen / Expositions

KULTURZENTER RODANGE

Vum 07.12. bis den 11.12.

BILLERAUSSTELLUNG VUM CLAUDIA FANELLI

all Dag tëscht 16 an 20 Auer
an de 07.12. vu 17 bis 20 Auer

Gratis Entrée

Org.: Syndicat d'initiative
de Rodange

City-App Pétange

disponible gratuitement sur

PÉTANGE
culinary

Bûche roulée façon Forêt-Noire
Cours de pâtisserie

20 NOVEMBRE 2024
Début 18h30
© ancien Moulin de Lamadelaine
134, rue du Vieux Moulin

Participation 20€
(places limitées)

Infos et réservation dans notre agenda
et sur les réseaux sociaux
www.petange.lu

pétange
MOTIVATION - COMPAGNIE

www.petange.lu




Rue du vieux Moulin
Lamadelaire

Rollenger Millefest

MAM MILLEJÄNGI

ROLLENGER MILLEN



Das Pletschet & Friends



D'Lonpekreimer



12. OKTOBER 2024
11:00 - 18:00

Animation
fir Kanner

De Spillmann



LOKALE MAART, HANDWIERK, LIVE MUSEK,
RESTAURATIOUN, SPILLER A VILLES MÉI

www.petange.lu





TENNIS CLUB
PÉTANGE

KYOTEC OPEN
Women's 60.000 \$
ITF WORLD TENNIS TOUR

3.-10.11.2024

au Hall QT
à PÉTANGE

MAIN SPONSORS



Wat war lass?

17.09.2024 - De Chrom huet geblëtzt an d'Karosserië waren op „Hochglanz“ bruecht gi fir den Dag vun de Retro Cars op der Lénger Strooss. Eeler a manner al Modeller stoungen hei schéin opgereit fir d'Leit, déi sech trotz de Schauerer iwwer den Dag ofonnt haten. Bei engem Patt an engem klengen Maufel war et quasi normal, datt nawell vill Gespréicher opkoumen.



25.08.2024 - Fir de Mémorial Bim Diederich, deen d'Union cycliste Pétange all Joer op en neits organiséiert, haten sech eng ganz Rei Vëlosfrënn beim Péitenger Sportzentrum ofonnt, wou um 8.30 Auer den offiziellen Départ war. Vun hei aus goung et op déi verschidde Parcoursen ier da géint 15 Auer déi lescht Arrivée um Programm stoung.





80 JOER LIBERATIOUN



09.09.1944 - 09.09.2024
Virun 80 Joer gouf Péiteng als éischt Uertschaft am Land vun den amerikaneschen Truppe befreit







05.09.2024

An der Seniorie zu Péiteng war zwar kee „Jean la Gaufre“, mee d’Zeeche stoungen awer op Schueberfouerloft. Bei guddem Wieder ware Spill a Spaass ugesot am Gaart, wou sech d’Pensionären nawell ganz gutt ameséiert hunn.



08.09.2024 - D’Eugénie

Derume (Amicale vun der Seniorie St Joseph), de Roger Bour (Kënschtler a Buchautor) an de René Feidt (Geschäftsmann) goufen am Laf vun enger feierlecher Zeremonie am Home St. Hubert zu Péiteng an den „Ordre de Chevalerie du 7^e Centenaire“ fir hiren Engagement fir d’Péitenger Gemeng opgeholl. Detailer zu hirem Engagement goufen an der jeweiliger Laudatio ernimmt.



06.09.2024 - 33 Zaldoten
an Zaldotinnen hu bei
der Promesse solennelle zu
Péiteng op der Gemengeplaz
hiren Eed ofgeluecht





07.09.2024
Gutt Musek a flott Stëmmung um Rockabilly Deluxe am Parc Théophile Kirsch





09.09.2024 - Moies um 9. September stoung eng Blummennéierleeung um Kierfech zu Péiteng um Programm. Hei leien de Jean Junck an de Charles Schöner begruewen. Et sief dozou bemierkt, datt de Jean Junck duerch „friendly fire“ ëmkomm ass iwverdeems de Charles Schöner, den eïsterräicheschen Zaldot, deen d'Bréck iwwer d'Kor sollt sprengen, vun engem Onbekannten erschoss gouf.





09.09.2024

Après la cérémonie officielle au Square Hyman Josefson, la commune avait invité à une fête populaire en présence du Grand-Duc Hérédier. Atmosphère chaleureuse, musique agréable et un bon petit coup, voilà une recette qui réussit à tous les coups !



21.09.2024 - Pour la fête du grand âge, la commune de Pétange, en collaboration avec la commission communale du 3^e âge avait invité à sa fête annuelle au Centre de loisirs à Lamadelaine. Les seniors âgés de plus de 85 ans ont profité des quelques heures pour passer de bons moments en bonne compagnie. Un cadeau de la part de la commune mais aussi un bel encadrement musical ont contribué à un après-midi plein de bonne humeur et de convivialité.





23.09.2024 - Überschwemmungen sind seit den heftigen Niederschlägen Ende Juni im Gespräch. Um die diesbezüglich bereits ausgeführten Arbeiten der Gemeinde aber auch die Überlegungen für zukünftige Verbesserungen zu diskutieren, hatte der Schöffenrat die Bürger auf einen Informationsabend nach Lamadelaine eingeladen. Eine Einladung, der viele Bürger gefolgt waren und wo ein reger Austausch zwischen den Anwesenden und Vertretern von Schroeder&Associés, des Wasserwirtschaftsamtes, Gemeindemitarbeitern und Politikern des Schöffenrates stattfand.



ANNIVERSAIRES

Mir gratuléieren!



Fir hir 90 Joer krut d'Madamm **Simone Scheuren-Mores** ganz häerzlech vun hirer Famill, de Vertrieider vun der Direktion, der Amicale an dem Fleegepersonal vun der Seniore gratuléiert. De Schäfferot vun der Pétenger Gemeng huet der Jubilarin och déi bescht Gléckwënsch zesumme mat enger schéiner Corbeille iwwerbruecht an huet am Usschloss gär mat hir ugestouss.



Och den Här **Robert Maller** war ganz houfreg fir seng 90 Joer an der Seniorie ze feieren. E ronne Gebuertsdag, fir deen hien e klenge Ständche krut vun de Verrieder vun der Direktioun, der Amicale an dem Fleegepersonal vun der Seniorie mat der Ënnerstëtzung vu Memberen aus dem Pétenger Schäfferot. E flotte Kaddo vun der Gemeng an e gudde Patt hunn dës Feier ofgerénnt.

101 Kärzen hunn dëst Joer um Kuch vun der Madamm **Léonie Hauptert-Weis** mussen ausgeblöse ginn. Si ass schonn zënter enger Zäitchen an der Seniorie doheem, wou si dann och vu jidderengem fir dës groussen Dag gratuléiert krut. Eng gutt gefüllte Corbeille mat gudde Schnekereie krut si vun de Verrieder vum Schäfferot iwwerrecht ier et dann e klenge Pättche gouf.



Gëllen Hochzäit

Viru 50 Joer, den 13. September 1974, hunn sech de Jeannot Weis an d'Viviane Theisen op der Pétenger Gemeng d'Jo-Wuert ginn. An dat Versprieche, dat si sech deemools ginn hunn, gouf elo nach eng Kéier a Presenz vun de Schäffen Maria Agostino a Guy Brecht erneiert – an dat ouni ze zécken. D'Koppel wunnt zu Lamadelaine, huet 4 Kanner an ass och ganz houfreg op déi 5 Enkelkanner aus der Famill. Si kruten dann och nach vill schéi Joren derbäi gewünscht. Eng Zäit, déi si ganz gäre matenee verbréngen. A selbstverständlech gouf op deen Dag och ugestouss.





Wéi gutt kennt Dir Är Gemeng?

Wësst Dir war fir e Gebai op der Foto ass? Test Är Kenntniss a gewannt e flott Buch!

An esou geet et: Schéckt eis Är Äntwert eran, a mat e bësse Chance sidd Dir ee vun eisen 3 Gewënner! Vill Spaass beim Roden!

Mailt eis Är Äntwert eran op concours@petange.lu oder schéckt eis se per Post op dës Adress:

SERVICE CULTURE ET COMMUNICATIONS
2, Place du Marché - L-4756 PÉTITENG

A propos collecte du papier



A Pétange, ce sont les guides et scouts qui viennent régulièrement faire la collecte du papier et du carton. C'est une action bénévole mais qui leur donne la possibilité de se faire un peu d'argent pour remplir la caisse de leur section. A Rodange ainsi qu'à Lamadelaine, c'est au service voirie de la commune de Pétange qu'incombe cette tâche. Et ce depuis l'année passée.

Dans ce contexte, il est important de noter que les paquets assemblés par les résidents ne doivent en aucun cas dépasser les 10kg. Les sacs en plastique ou/et les sacs pour les courses **ne seront pas non plus enlevés.**

Rappelons également que chaque résident qui sort ses paquets doit les remplir **exclusivement** de **papier** et de **carton** ! Malheureusement, on trouve – caché sous respectivement entre les couches de papier – des objets qui n'ont absolument pas leur place dans une collecte de papier comme par exemple des déchets organiques ou encore des déchets de ménage. Ces objets sont collectés par le service de voirie communal et sont donc à éliminer de façon adéquate.

Arranger et déposer ses paquets de manière convenable et correcte est tout simplement un signe de respect vis-à-vis des guides et des scouts ainsi que des collaborateurs de la commune qui remercient déjà tous les citoyens pour leur compréhension et leur coopération.

Une lecture pour la rentrée !

Il était une fois...

Voilà le titre du nouveau livre de Rosch Bour qui entraîne le lecteur dans une découverte des localités de Pétange, Rodange et Lamadelaine dans le temps. L'auteur, à travers les descriptions et les images, fait revivre des lieux connus de la commune grâce à un rapprochement avant-après des illustrations. Une manière intéressante pour découvrir les changements mais aussi les similarités d'antan et d'aujourd'hui. Bonne lecture !

Le livre peut être commandé auprès des « Pétenger Geschichtsfreñn » au prix de 30€. Adresse : An der Uecht, 1A, avenue de la Gare à L-4873 Lamadelaine.

Tél. +352 691 506 034

E-mail : geschichtsfrenn@petange.lu

Infos sur

www.geschichtsfrenn-petiteng.lu



Nei Mataarbechter



Zënter dem 1. September gehéiert den **Gianluca Mazzola** zur Ekipp vum Service Aménagement communal vun der Gemeng Pétieng.



Duuscht? Kee Problem!

Zu Péiteng virum Kulturhaus A Rousen huet d'Gemeng Péiteng zënter kuerzem eng Waasserfontaine opgestallt, wou jiddereen sech kann zerwéieren. Dëst ass eng gutt Méiglechkeet fir d'Waasserfläschchen ze fëllen, déi ee bei sech huet. Et brauch ee just op de Knäppchen ewéi op der Fotto ze drécken, a scho leeft et ... Wee just eng Schlupp wëll drénken, dee kann dat och maachen. Nom selwechte Prinzip op engem méi déif gestallte Krunn.

Damit das Fahrrad sauber wird

Durch die Natur radeln macht Spass, doch das Fahrrad sieht nach einer solchen Eskapade etwas mitgenommen aus. Um dem Abhilfe zu schaffen, hat die Gemeinde Petingen eine erste Fahrradwaschanlage in der verlängerten rue de la Minière (quer gegenüber vum Pfadfinder-Chalet) aufgestellt. Mit Seife und Wasser wird jedes Rad wieder blitzblank.

In den Wintermonaten muss das Wasser jedoch abgestellt werden, damit es nicht im Schlauch gefriert. Probieren Sie es! Ihr Fahrrad wird es Ihnen danken.



RPL-TV

Oktober-Edition 2024

Wat war lass?

- Aweiung Gare Rodange
- Rockabilly Deluxe Festival
- Journée du Grand Âge
- Mobilitéitsdag
- Infoversammlung Héichwaasser
- Welcome Day

Reportage

Grousse Reportage: Libératiounsfeierlechkeeten

Der P-Bus in der Gemeinde Pétange



Manchmal können Menschen **nicht** alles selbst tun.

Sie brauchen die Hilfe von anderen.

Vielleicht weil sie krank sind oder schon etwas älter.

Vielleicht haben sie **kein** Auto.

Oder sie wohnen weit weg vom Bus und vom Zug.

Aber sie müssen auch einkaufen gehen.

Sie müssen zum Arzt fahren,

oder sie haben einen anderen Termin (Rendez-Vous).

Dafür gibt es in der Gemeinde Pétange den P-Bus.

Das P steht für Pétange.



Was ist der P-Bus?

Der P-Bus ist ein gratis Bus.

Man kann ihn mit dem Telefon bestellen.

Es ist ein elektrischer Bus.

Die Leute werden in der ganzen Gemeinde hin und her gefahren.

Zur Gemeinde Pétange gehören: Pétange, Rodange und Lamadelaine.

Er fährt aber auch zu anderen Plätzen:

- das Kranken-Haus in Niederkorn,
- das Alters-Heim in Niederkorn,
- der Supermarkt Cactus in Bascharage.



Wer darf mitfahren?

Die Einwohner der Gemeinde Pétange dürfen den Bus benutzen.

Aber nur wenn sie:

- 65 Jahre oder älter sind,
- Eine Invaliditäts-Karte vom Innen-Ministerium haben.

Das ist eine Karte.

Dort steht drauf: Man ist krank oder verletzt.


- Dienste von der Pflege-Versicherung bekommen.

Pflege-Versicherung heißt: Man ist krank und bekommt Hilfe oder Geld.

- Sich eine Zeit lang **nicht** gut bewegen können.

Dafür müssen sie ein Zertifikat vom Doktor haben.

- Schwanger sind und ein Zertifikat vom Doktor haben.



Wie bestellt man eine Fahrt?

Ein Einwohner muss das machen, um den P-Bus zu reservieren:

- mindestens 1 Stunde vorher diese Telefonnummer anrufen:

8002 20 20,

- die Adresse angeben, wo der P-Bus hinkommen soll,

- genau sagen, wo man hin will,

- genau sagen, zu welcher Uhrzeit man ankommen muss.

Zum Beispiel: Bei einem Arzt-Termin.

Man kann eine einfache Fahrt reservieren.

Zum Beispiel: Bring mich um 13:00 Uhr zum Arzt.

Man kann auch direkt Hin- und Rückfahrt reservieren.

Zum Beispiel: Bring mich um 13:00 Uhr zum Arzt.

Und hol mich um 14:00 Uhr wieder ab.

Weitere Infos auf <https://shorturl.at/wGkGC>



Cérémonie bei der Borne du Passeur

08.09.2024 - Am Gedenken un d'Passeuren a Resistenzler, déi sech géint den NS-Regime gewiert hunn.

